

serve vun engem spéidere Contrôle. Dat géif der Verwaltung d'Aarbecht bei de klengen Dossieren, wat éischter jo awer Routinedossiere sinn, erliichter, esou datt se sech méi intensiv mat deene méi groussen a méi wichtigen Dossieren dann och kéint ofginn.

Wat d'Kollaboratioun mat den Instances judiciaires ubelaangt, esou sinn hei nëmmen d'Steierverwaltung an den Enregistrement beträff. Op Ufro vun de Justizautoritéite muss se Informatiounen liwweren, déi am Kader vun engem Strofverfahren en matière correctionnelle et criminelle kéinte gebraucht ginn.

Wat d'Kollaboratioun tëschent der Steierverwaltung, dem Enregistrement an dem Centre commun de la Sécurité sociale ubelaangt, esou soll den Austausch vun Informatiounen sech op d'Arriéréë beschränken am Fall, wou de Contribuable bei enger vun deene Verwaltungen a Verzuch ass, wat d'Bezuelen ubelaangt. Dat, fir feststellen ze kënnen, ob eng Assignation en faillite opportun ass oder net.

Och sollen d'Steierverwaltungen bei dem Centre commun den Numm an d'Adress vun engem sengem Patron missen nofro kënnen, am Fall wou se bei engem Employé Steieren, Taxen, Loyer an esou weider iwwer eng Saisie mussen andreiwe goen.

De Statsrot hat besonnesch Problemer mat der Interconnexioun vun den Donnéeën. Eréischt wéi hien d'Garantie krut, datt den Text vum Projet a Kollaboratioun mat de Responsabele vun der Datenschuttkommission opgesat gouf an d'Garantie vun engem limitéierten, sécurisierten a kontrolléierten Accès gi war, konnt hie seng Opposition dann och ophiewen.

D'Cofibu huet de schrëftleche Rapport mat Unanimitéit ugeholl a schléit da selbstverständlech och der Chamber vir, fir de Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech bréngen dann och nach den Accord zu dësem Projet vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Clement. Wëllt nach soss een d'Wuert? Den Här Etgen huet d'Wuert.

Discussion générale

» M. Fernand Etgen (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virewech wëll ech dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, stellvertiedend fir den eigentleche Rapporteur, den Här Norbert Hauptert, Merci soe fir säi mëndleche wéi och fir säi kompetente schrëftleche Rapport zu dësem dach wichtige Gesetz. Als een, deen 30 Joer op enger vun deene concernéierte Verwaltungen geschafft huet, hätt ech et net kënnen besser maachen.

(Interruption)

Wat ech domadder wëll soen, ass, datt d'Politik sech aus der Manéier, wéi d'Fiskalverwaltungen d'Steierkontroll maachen a géint de Steuerbedruch virginn, soll eraushalen. Et ass awer un der Politik, de Kader ze schafen, datt d'Fiskalverwaltungen engem elementare Steuerprinzip kënnen gerecht ginn, nämlech dem Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger an de Betriber virun de Steieren.

Här President, zënter Jore stelle mer eng schwindend Steiermoral fest. Besonnesch bei der TVA huet sech ee System vun organisierter Steierhannerzëiung breetgemaach. Duerfir schwätze mer schonn zënter Jorzéngte vun engem besseren Zesummeschaffen an enger intensiver Kollaboratioun tëschent deenen eenzelne Verwaltungen. Am Rapport Krecké vun 1997 gouf souguer vun enger méiglecher Fusioun geschwat. An dësem Rapport gouf och festgehalten, datt d'Fiskalverwaltunge personell ënnerbesat wieren. Geschitt ass awer guer näischt.

D'Zuel vun de Steuerpflichtegen ass konstant gestiegen. D'Zuel vun de Fraudeuren och, awer an engem méi séiere Rhythmus. D'Zuel vun de Steuerbeamten dergéint huet stagnéiert. Eng ëmmer méi komplex Matière huet och mat sech bruecht, datt d'Fraudeure sech op spezifesch Aktionsfelder spezialiséiert hunn. De President vun der Gewerkschaft vun de Kaderbeamte vun der Steierverwaltung huet och duerfir kierzlech bei hirem Anniversaire gesot, Lëtzebuerg wier ee Steuerparadies, net wéinst dem Bankgeheimnis, mä weil mer hei zu Lëtzebuerg eng onzefridde stellend a lückenhaft Législatioun hunn an net genuch Fiskalbeamten, fir d'Anale vum de bestehende Gesetzer ze iwwerpräiwen.

Här President, Dir gesitt, dëst Gesetz setzt fir Lëtzebuerg Meilesteng an der Kooperatioun vu verschiddene Verwaltungen mat engem kloeren a präzise gesetzlechen Dispositiv. Et gouf bis elo keng gesetzlech Basis, fir Informatiounen tëschent de Verwaltungen

auszetauschen. Et goufe keng gemeinsam Steuerkontrolle vun deenen eenzelne Fiskalverwaltungen, déi op enger legaler Basis berout hunn. Et gouf keng systematesch Informatioun vu festgestallte Fraudé vun enger Verwaltung un déi aner.

Den Austausch vun elektronische Fichiere mat deene verschiddensten Donnéeë soll et erlaben, gefälscht, verfälscht oder ganz einfach falsch Piécen ze detektéieren. Esou ee systematesch Virgoen hannerléisst beim Steuerpflichtegen ee kompetenten a seriösen Androck a verspricht eng grouss Effikassitéit. Déi nei gesetzlech Méiglechkeete verlaangen awer och vum Fiskalbeamte vill Fingerspëtzegefill. Mat Recht sinn duerfir Barrieren agebaut ginn, fir Abusen ze vermeiden.

Här President, et géllt déi ze bekämpfen, déi sech op d'Käschte vun der Kollektivitéit mat Sue vun der Kollektivitéit wëlle beräicheren. Mir hunn et hei mat enger méi sophistiquéierter Kriminalitéit ze dinn. Duerfir sinn ech als een, dee während Joren um Terrain matgewierkt huet, frou, den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetz ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Ben Fayot huet d'Wuert.

» M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt effektiv, wéi den Här Etgen et och scho gemaach huet, drun erënneren, dass de 16. Abrëll 1997 den Här Deputéierte Jeannot Krecké am Optrag vum Staatsminister a Finanzminister deemools e Rapport iwwert d'Fraude fiscale zu Lëtzebuerg gemaach huet. Dee Rapport ass eigentlech à l'origine vun dësem Projet. Et ass also elo bal zwielef Joer hier, wou mer zu dësem Projet kommen.

Den Här Krecké hat deemools och, wéi den Här Etgen et richtegerweis gesot huet, un d'Fusioun vun deenen zwou Steierverwaltungen geduecht, mä well hie sech awer och geduecht huet, dass een zu Lëtzebuerg éischter méi Verwaltungen géif schafen, wéi manner, huet hien dann no anere Mesurë gekuckt an huet dann zum Beispill déi Mesure vun der Interaktioun vun de Verwaltungen, den Échange vun Informatioun, virgeschloen. Et ass just ze bedauern, dass dat esou laang gedauert huet.

Endlech kënnen mer dat, wat mer am Regierungsprogramm vun 2004 festgehalten hunn, trotzdem nach an dëser Legislatur stëmmen. Ech si frou doriwwer. D'LSAP wäert dëst selbstverständlech matstëmmen. Ech soen och dem Rapporteur Norbert Hauptert Merci fir seng Aarbecht.

» M. le Président.- Merci, Här Fayot. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss an den Här Minister Luc Frieden krit d'Wuert.

» M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, dëst ass eng wichtig Verwaltungsreform, well se d'Verwaltung méi modern a méi effikass mécht. Dir wësst awer, datt dat net ëmmer einfach ass. Wa jiddwereen eestëmmeg der Meinung wär, mir kéinten eng schnell Verwaltungsreform duerchzéien, da géifen déi Saache méi schnell goen. Mä d'Retissenzen, fir dat ze maachen, si grouss.

Ech wëll Iech iwwregens soen, net nëmmen op der Säit vun de Verwaltungen, mä ganz oft vun deenen och, déi Client vun de Verwaltungen sinn. Duerfir ass dat heiten awer e Schrëtt an eng richteg Richtung, mä ech wëll Iech just d'Schwieregkeeten um Wee dophinner net verstoppen.

Ech soen dat nämlech och un d'Adress vum Vertrieeder vun der DP. All Kéiers dann, wa méi Kontrolle kommen, da gëtt dat interpretéiert als eng Attack op d'Betriber. Ech mengen, datt een och net ka mat der DP d'accord sinn, wann hei gesot gëtt, et wär automatesch eng schlecht Steiermoral bei de Betriber. Et gëtt vereenzelt Betriber, déi net hiren Obligatiounen nokommen. Duerfir muss ee mat geziilte Kontrolle kucken, datt een d'Fraudeuren erwëscht. An enger effikasser Verwaltung misst dat méiglech sinn.

Ech wëll och drun erënneren, datt déi zwou Regierungen, dës an déi virdrun, deenen dräi Finanzverwaltunge vill zousätzlech Personal ginn hunn. Ech ka mech als Budgetminister an deenen zéng Joer - wéi gesot, an deenen zwou Koalitiounen - drun erënneren, datt mer Personal opgestockt hunn.

Ech mengen awer och, datt déi nei Technologien - an déi Verwaltungen sinn an deene leschte Joren héich informatiséiert ginn - et och misste méiglech maachen, vläicht och d'Verwaltungsprozesser méi effikass ze

maachen an och sécherzestellen, datt een net brauch am Detail all kleng Deklaratioun nozekucken, mä datt ee sech ka konzentrieren op déi grouss Steierzueler a virun allem déi, déi am TVA-Beräich zum Beispill Fraude Carrousel an esou Saache maachen, déi de Lëtzebuurger Stat wéi och d'Etat ronderëm vill Sue kaschten.

Ech mengen, datt dat hei eng gutt Reform ass, datt et gutt wär, wa mer géifen um Reformwee vun de Verwaltungen virgoen an datt d'Verwaltungen och selwer géife kucken, fir kënnen nach méi effikass hir Aarbecht ze maachen, fir méi schnell kënnen d'Suen anzendreiwen, an d'Steierzueler alleguerten och kéinten a géife vill méi schnell hir Steiere bezuelen.

Ech hu gemierkt, wéi ech deemools e Projet de loi hei déposéiert hunn iwwert d'Lutte géint Failliten, datt deen an der Chamber och hänke bliwwen ass, well do gesot ginn ass: Oh jo, dat do mécht et awer vill méi schwierig fir d'Betriebskultur, fir den Esprit d'entreprendre. Hei si mer e bëssen an der nämlecher Philosophie.

Duerfir wär et gutt, wa mer all zesummen, vläicht och an deem Dossier an an där Kommissioun iwwert d'Kris, géife kucken: Wéi kënnen mer sécherstellen, datt d'Steierverwaltungen nach méi effikass ginn, datt mer méi schnell kënnen d'Suen andreiwen an datt jiddwereen och méi schnell op eng effikass Aart a Weis seng Steieren, déi hie muss bezuelen, och géif bezuelen?

Mir hu gëschter d'Steier erofgesat. Dat war eng gutt Moosnam. Also muss een och déi Steieren, déi elo nach méi niddreg sinn, och wëlle bezuelen. Well mat deene Sue kënnen mer déi Schoulen, déi Stroossen an déi Schinne bauen, déi mer brauchen.

Ech stellen hei mat grousser Satisfaktioun fest, datt jiddweree fir effikass Steierverwaltungen ass, datt jiddweree fir eng gutt Kooperatioun tëschent de Steierverwaltungen ass, datt jiddwereen der Meinung ass, datt d'Steiermoral eppes Wichteges ass an datt jiddweree muss seng Steiere schnell bezuelen.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Goerens huet d'Wuert nach gefrot.

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, ech froen d'Parole après ministre, well ech si mat Villem d'accord, wat den Här Frieden elo grad gesot huet, mä mat där pauschaler Interpretatioun iwwert dat, wat den Här Etgen gesot huet, sinn ech net d'accord.

Well den Här Etgen wollt am Fong soen: Et sinn eng Partie Leit, déi vläicht Schwierigkeiten hunn, fir hir Steieren zur Zäit ze bezuelen oder déi einfach net wëlle bezuelen. Där gëtt et. Dat wësse mer alleguerten. Soss bräichte mer jo keng Kontroll an de Steierverwaltungen, déi géifen deenen dote Mësstänn nogoen.

Der DP hir Positioun iwwert d'Steiermoral ass folgend: Wa jiddweree seng Steiere bezuelt, da bezuele mer der alleguer manner. An dat ass dorop, wou mer wëllen higoen. Dat ass méi mëttelstandsfördernd, wéi wa mer hei pauschal Condamnatiounen maache vun engem. An dat huet den Här Etgen net gesot. Ech wollt dat hei redresséiert hunn.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären,...

» M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Da sinn ech mam Här Goerens d'accord.

» M. le Président.- ...mir kommen elo zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5757 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM.

Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat sinn d'Amendementen zu de Statuten vum FMI. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Mosar.

6. 5902 - Projet de loi

- approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 15<sup>e</sup> reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement

- approuvant l'amendement des Statuts du Fonds monétaire international en faveur d'une extension de l'autorité d'investissement du Fonds

- approuvant l'amendement des Statuts du Fonds monétaire international modifiant la structure des quotes-parts et renforçant la représentation des pays à faible revenu, et autorisant le Gouvernement à prendre les mesures nécessaires à l'augmentation de la quote-part du Luxembourg au Fonds monétaire international

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, deen ech de Moien de Pléséier hunn Iech hei virstellen, huet zwee Objektiv. Éischtens geet et ëm d'Actualisatioun vun den Engagementer vun eisem Land bei der Association internationale de développement an op där anerer Säit ëm eng Approbatioun vun zwee Amendementen beim Statut vum Fonds monétaire international.

Den éischten Amendement wëllt de Pouvoir d'investissement vergrësseren an deen zweeten d'Governance vum Fonds monétaire international reforméieren. Zu Ärer Erënnerung wëll ech nach eng Kéier soen, datt d'Association internationale de développement a sech eng Filial vun der Weltbank ass, déi a sech hir finanziell Ressourcen ënnert der Form vu Prêten an Donen un déi äermste Länner vun der Welt accordeiert.

Déi Kreditter vun der AID generéiere keng Zënse, a fir kënnen vun der Hëllef vun der AID ze profitéieren, dierf d'Akonomie pro Awunner vun engem Land net de Plaffong vun 1.065 US-Dollar dépasséieren.

Eist Land wäert de Bäitrag vu 40,27 Milliounen Euro bei der 15. Rekonstitutioun vun de Ressourcë bäisteieren. Dat mécht e Prozentsaz vun 0,19% aus vum Gesamtfinanzement vun der Association an domat leescht Lëtzebuerg dee gréissten Undeel, deen et bis elo gelescht huet.



Zu dëser Kontributioun ass nach ze soen, datt säit der Kreatioun vun der Association internationale de développement Lëtzebuerg am Ganzen 213 Milliounen Dollar zougestielt huet.

Wéi gött elo déi Kontributioun finanzéiert? A sech duerch d'Emissioun vun engem Bon de trésor, deen iwwer e virgenanntene Betrag ausgestallt gött.

Här President, wat elo d'Statute vum Fonds monétaire international ugeet, ass virgesinn, datt par rapport zu senger Gouvernance de System vun de Quotes-parts wäert reajustéiert ginn.

Hei geet et op där enger Säit drëm, fir dem gewuessene wirtschaftlechen Dynamismus vun de sougenanntene Pays émergents besser Rechnung ze droen, an op där anerer Säit den Entwécklungslänner, déi sech ënnerrepräsentéiert fillen, méi Gewiicht ze ginn.

D'Reform, déi mer heimat gutthalen, huet a sech dräi Objektiv: Éischtens soll méi Rechnung gedroe gi vun de wirtschaftleche Realitéite vun de Memberstaaten. An dat huet dann och als Konsequenz, datt den aktuelle Berechnungssystem vun de Quotes-parts reforméiert gött. Zweetens soll eng nei Methodologie d'Situatioun vun der Ënnerrepresentatioun vun den Entwécklungslänner verbessern, an drëttens soll d'Representatioun vun deenen äermste Länner vun der Welt an deem Sënn reforméiert ginn, datt si méi Stëmmrechter kréien an datt och hir Representatioun am Conseil verstärkt gött.

Wat sinn dovunner d'Konsequenze fir eist Land? Momentan huet Lëtzebuerg am Ganzen 279,1 Millioun Euro Droits de tirage spéciaux. An dëse Gesamtbetrag soll elo op 418,7 Millioun Rechter erhéicht ginn, esou datt d'Quote-part vun eisem Land erop wäert goe vun 0,131 op 0,176%.

Alles dat kléngt relativ komplizéiert an ass et och. Wat awer wichteg ass, an dat wëll ech hei och nach eng kéier zrëckbehalen, ass, datt d'Quote-part, déi Lëtzebuerg am FMI iwwer seng Zentralbank hält, wäert eropgoen, an domat och d'Gewiicht vun eisem Land an dësem wichtege Gremium.

Dat gesot, géif ech lech dann och bieden, Är Zoustëmmung dësem wichtege Projet ze ginn, an ech bréngen direkt och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Mosar. Wa soss kee méi d'Wuert zu dësem Projet ergräift, da géif ech dem honorabelen Här Mosar am Numm vun eis alleguerte Merci soe fir de Rapport vun der Kommissioun a mir kéimen zum Vote vun dësem Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5902 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zu deenen zwee Projeten iwwert déi Konventiounen tëschent Lëtzebuerg a Montenegro an tëschent Lëtzebuerg an der République de Macédoine. Ass d'Chamber d'accord, wa mer et géife folgendermoosse maachen: Déi zwee Rapporteure géife fir d'éischt exposéieren, a wann dann d'Fraktiounen wëlle Stellung huelen, da kënnen se dat gemeinsam zu deenen zwee Projekte maachen?

**(Assentiment)**

Gutt. Dann huele mer fir d'éischt de Projet iwwer Mazedonien, wou den honorabelen Här Député-maire vu Wolz, den Här Schneider, Rapporteur ass. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Romain Schneider (LSAP), rapporteur**.- Entschëllegt, Här President: Wéi ee Projet fir d'éischt?

» **M. le Président**.- Dir sidd Rapporteur vun deenen zwee? Dann huet Mazedonien, de Projet de loi 5768 fir d'éischt.

## 7. 5768 - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Macédoine, faite à Luxembourg, le 28 novembre 2006

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Romain Schneider (LSAP), rapporteur**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen zu deenen zwee Projets de convention kommen an der Matière vun der Sécurité sociale. Deen éischten, de 5768, deenen, dee Lëtzebuerg gemaach huet mat der Republik vu Mazedonien, ass gemaach ginn zu Lëtzebuerg hei den 28. November 2006.

Dëse Projet gouf vun eisem Gesondheets- a Minister vun der Sécurité sociale, dem Här Mars Di Bartolomeo, déposéiert de 4. September 2007. De Statsrot huet säin Avis den 1. Juli 2008 ginn. An der Réunionum vum 9. Oktober 2008 huet d'Gesondheets- an d'Kommissioun vun der Sécurité sociale mech als Rapporteur bestëmmt. Mir hunn den Avis vum Statsrot gekuckt de 27. November an eiser Sitzung an hunn do den 11. Dezember de Rapport unanime ugehall.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi, dee wéi gesot eng Konventioun ass an der Matière vun der Sécurité sociale, déi Lëtzebuerg mat Mazedonien ofschléisst, wouduerch déi al Konventioun, déi bestanen huet an dësem Beräich vun der Sécurité sociale tëschent Lëtzebuerg an der République fédérative populaire vu Jugoslawien, déi vum 13. Oktober 1954 war, duerch e méi neit, e méi modern Instrument ersat gött?

Dës Konventioun garantéiert also all d'Rechter a Matière vun der sozialer Sécherheet, fir all Persounen, déi souwuel sukzessiv wéi alternativ engem oder deem anere Regime vun de Staten ënnerleien.

Et suivéiert am Generellen eigentlech déi Konventiounen, déi mer ëmmer maachen. Bilateral Konventiounen, déi ofgeschloss ginn tëschent Lëtzebuerg an deenen eenzelne Staten, an et lehnt sech gréissten-deels un de Règlement communautaire, de 1408/71, dee gutt bekannt ass bei eis, deenen iwwert d'Travailleur migrants.

D'Applikatiounen dervu ginn op déi eenzel Beräicher vun der Sécurité sociale eran. Et sinn dat d'Assurance maladie, Maternité, d'Assurance accident du travail, awer och d'Maladie professionnelle. Et ass dat d'Assurance pension de vieillesse, d'invalidité et de survie. Et sinn dat d'Prestations familiales. Ausgeschloss dervun ass de Volet vun der Assistance sociale, awer och bei de Prestatiounen vun de Victimes de guerre.

Dës Konventioun ass wéi all déi aner Konventiounen net applicabel op a viséiert net d'Assurance dépendance. Betrafft dervu sinn all Leit mat kenger Distinction vun Na-

tionalitéit, a si begräift sech op d'Persounen selwer souwéi och hir Familljen an hir Survivants. Ageschloss an dës Konventioun sinn och d'Studenten. Ausgeschloss dervunner ass d'Reglementatioun iwwert de Chômage, dee vun engem Land an dat aner ka mat eriwwegeholl ginn, iwwert dee sougenannte Formular E303. Dat spillt hei net. Et huet een also net d'Recht, seng Rechter mat eriwwerzehuelen an 90 Deeg an deem anere Land bezuelt kënnen eng Aarbechtsplaz ze sichen.

De Statsrot huet säin Avis heizou ginn. E war och unanime dermat d'accord an hat weider keng Objektionen. Ausser engem Wuert dran, wou eigentlech déi generell Législatioun, déi mer ëmmer gebrauche fir ze schwätzen, geännert gouf. Hei gouf geschriwwen vun enger Pension de vieillesse, d'invalidité et de décès. Normalerweis benotze mir den Term vun „survie“. Hei gouf en „décès“. Mir hunn drop opmierksam gemaach an der Kommissioun a fuerderen d'Regierung op, bei deenen nächste Konventiounen drop opzepassen, datt mer all Kéiers den Term vun „survie“ hei solle gebrauchen.

Mir kënnen an dëser Konventioun awer elo de Projet de loi net änneren, well soss misst jo d'Konventioun op béide Säite geännert ginn, esou datt mer also hei den Décès stoen hunn. Mir weisen awer drop hin, datt an deenen nächste Konventiounen dat soll richteggestallt ginn.

D'Kommissioun huet also den Avis vum Statsrot gekuckt, huet och iwwert de Rapport diskutéiert, huet dëse Rapport unanime akzeptéiert, an ech bieden d'Chamber, och am Numm vun der Kommissioun dëse Rapport ze akzeptéieren, dëse Projet de loi ze stëmmen. D'LSAP gött op jidde Fall d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

## 8. 5885 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Monténégro en matière de sécurité sociale

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Romain Schneider (LSAP), rapporteur**.- Dann datselwecht, Här President, wann Der erlaabt, nach eng kéier fir de Projet 5885, wou vill Saache sinn, déi sech widerhuelen, well et eigentlech eng selwecht bilateral Konventioun ass, déi mat engem Stat ofgeschloss gött. Hei geet et ëm de Projet 5885, eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg a Montenegro.

Dëst ass eng Konventioun, déi vum Gesondheets- a Sécurité-sociale-Minister den 29. Mee 2008 déposéiert gouf. De Statsrot huet säin Avis den 11. Juli 2008 ginn. Ech gouf Rapporteur genannt an darselwechter Sitzung erëm den 9. Oktober 2008. A senger Sitzung vum 27. November huet d'Kommissioun d'Avisë vum Statsrot gekuckt, an den 11. Dezember gouf de Rapport unanime akzeptéiert.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi? Et ass eigentlech deeselwechten, dee mer virdrun hate mat Mazedonien. Et ass eng Konventioun, déi, wéi gesot, an der Matière vun der Sécurité sociale erëm gemaach ginn ass. Et ass eng, déi hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen gouf den 19. Februar 2008, an déi Konventioun ersetzt déi, déi Lëtzebuerg bis elo mat der Communauté d'États Serbien-Montenegro am Beräich vun der Sécurité sociale hat, déi deemools zu Belgrad ënnerschriwwen gi war de 27. Oktober 2003.

Dës nei bilateral Konventioun ass also virun allem eng Adaptatioun, déi noutwendeg gouf, an dat opgrond vun der Indépendance vu Montenegro. Wat d'Konventioun mat Serbien betrëfft, esou bleift déi al Konventioun, déi zu Belgrad deemools ënnerschriwwen gouf, weider bestoen, fir d'Relatiounen an der Matière Sécurité sociale mat Serbien ze regelen.

D'Matière dovun ass, datt et, wéi gesot, erëm eng kéier all d'Rechter sinn, déi mer an der Sécurité sociale ermënnen. D'Basis dovun ass déiselwecht, déi mer an de bilaterale Konventiounen ermënnen, déi ofgeschloss ginn, an d'Grondbasis ass ëmmer déi vun der Communauté européenne (CE)1408/71, déi vun de Migratiounen, vun den Travailleur migrants. Also d'Méiglechkeet, dat jiddweree sech déplacéiere kann an en aner europäescht Land, fir eng Aarbechtsplaz ze sichen.

D'Applikatioun vun dësen eenzelne Champs d'application betrëfft, wéi virausen

och gesot, déi eenzel Beräicher vun der Sécurité sociale, vun der Assurance maladie, Maternité, iwwert d'Assurance accident bis hin zur Assurance pension vieillesse, d'invalidité et de survie an d'Prestations de chômage souwéi och d'Prestations familiales.

Ausgeschloss sinn alt erëm eng kéier d'Assistance sociale an d'Prestations aux victimes de guerre. Net abegraff an der Konventioun ass och de Beräich vun der Assurance dépendance. D'Konventioun applizéiert sech op all Persounen, ouni Ënnerschied vun Nationalitéit, awer och op all Familljememberen an all Membere vu Survivanten, déi do kënnen betraff sinn. An et begräift, beinhalt och d'Studenten, déi heimadder mentionnéiert ginn.

An déiselwecht Remarque gëllt, déi ech virausen gemaach hat iwwert d'Mathuele vum Chômage an en aner Land, dat ass och hei net méiglech. Den Avis vum Conseil d'État war hei ganz kuerz, well alles an der Rei war a well de Conseil d'État a senger Intégralitéit dësem Projet de loi seng Zoustëmmung ginn huet. Dat huet och d'Chamberskommissioun am Rapport gemaach an dësem Rapport och unanime hir Zoustëmmung ginn.

Ech wëll och, am Numm vun der LSAP, hei eis Zoustëmmung zu dëser bilateraler Konventioun ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

## 9. 5768 - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Macédoine, faite à Luxembourg, le 28 novembre 2006

## 5885 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Monténégro en matière de sécurité sociale - (suite)

» **M. le Président**.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif am Numm vun Iech alleguerten dem honorabelen Här Schneider Merci soe fir seng gutt Aarbecht, fir d'Rapporten, déi hien hei am Numm vun der Kommissioun virgeluecht huet, an ech géif lech proposéieren, dass mer zum Vote kéimen iwwert déi zwou Konventiounen. Mir huele fir d'éischt déi mat Mazedonien.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5768 et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5768 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Patrick Santer);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.